PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Daridorexant (Handelsnumm Quviviq) stellt eng villverspriechend Alternativ zu konventionelle Schlofmëttelen duer, besonnesch fir Patienten, déi ënner chronescher Insomnie leiden oder eng laangfristeg Therapie brauchen. Seng spezifesch Wierkungsweis op d'Orexinsystem, déi manner grouss Stéierung vun der Schlofarchitektur an e reduzéierte Risiko fir Ofhängegkeet maachen et zu enger attraktiver Optioun an der moderner Schlofmedizin.

Daridorexant wierkt als dualen Orexin-Rezeptor-Antagonist (DORA), andeems et selektiv d'Wach-Signaler am Gehier blockéiert, amplaz wéi vill aner Schlofmëttel als allgemengt Berouegungsmëttel ze wierken. Doduerch besteet kee Risiko fir Ofhängegkeet, wéi et bei Benzodiazepinen a Z-Substanzen (z. B. Zolpidem) de Fall ass. D'natierlech Schlofstruktur (Déifschlof, REM-Schlof) bleift gréisstendeels erhale, wat zu erhuelsamem Schlof féiert.

Daridorexant gouf vun der Europäescher Arzneimëttel-Agence (EMA) am Abrëll 2022 fir déi ganz Europäesch Unioun zougelooss, ass awer nach ëmmer net zu Lëtzebuerg verfügbar.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wäert Daridorexant geschwënn och zu Lëtzebuerg verschriwwen dierfe ginn? Wa jo, wéini wäert dat de Fall sinn? Wa nee, firwat net?

2. Wat sinn d'Grënn dofir, dass dëst neit Medikament, dat bedeitend gesondheetlech Virdeeler am Verglach zu Benzodiazepinen a Z-Substanzen huet, bis elo nach net an de lëtzebuergesche Gesondheetssystem integréiert gouf?

3. Kann d'Ministesch e Medikament aus der *Liste positive des médicaments* nennen, dat fir eng onbegrenzten Dauer ka geholl ginn, ouni iergendee Ofhängegkeetsrisiko?

4. Wéi vill Prescriptioune gouf et vun 2020 bis 2025 fir Benzodiazepinen a Z-Substanzen? Kann de Ministère méi prezis Informatiounen zu de Patiente liwweren, déi dës Medikamenter an deem Zäitraum verschriwwe krut hunn?

5. Ginn et allgemeng Donnéeë wéi laang Benzodiazepinen a Z-Substanzen hier Ufankswierkung behalen an no wéi enger Zäitspann si beim reegelméissegen Anhuelen hir Wierkung verléieren, bzw, Dosis muss erhéicht ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten